LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 17 avril 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 AVR. 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°517 du 18 mars 2019 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant les incidents sur la ligne ferroviaire Wasserbillig-Luxembourg survenus le 16 mars 2019, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet , fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch an vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING op d'parlamentaresch Fro n° 517 vum 18. Mäerz 2019 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Zu der Fro 1 :**

Am Tëschefall vum 16. Mäerz 2019 wou zwee Mataarbechter vun den CFL aggresséiert goufen, ass d'Police um 23:44 Auer an Kenntnis gesat ginn. Eng Patrull vum C3R Remich/Mondorf waar manner wéi 10 Minutten drop um 23:53 Auer op der Platz. D'Situatioun op der Platz huet kéng weider Verstäerkung vun Police-Patrullen erfuerdert. Zu dësem Zäitpunkt waren awer nach iwwert eng Dosen Patrullen alleng aus der Police Regiounen Centre-Est an Capitale am Déngscht, déi zu all Moment bannent kierzester Zäit hätten kéinten ugefuerdert ginn.

Den Tëschefall vum 17. Mäerz 2019 (Metallstéck op den Schinnen) krut d'Police eréischt den selwechten Dag um 12:11 Auer vun engem Mataarbechter vun der Eisebunn zougedroen, obwuel dësen Fait schonn soll um 04:30 Auer konstatéiert ginn sinn.

Wat d'Rettungsdéngschter betrefft, goufen zwou Ambulanzen, notamment eng vun Réimech an eng vun Beetebuerg alarméiert. D'Ambulanz vun Réimech gouf um 00h01 alertéiert an war um 00h11 op der Asazplatz zu Éiter. D'Ambulanz vun Beetebuerg gouf op der Ufahrt ofbestallt.

**Zu der Fro 2 :**

Prinzipiell gëtt d'Police an sou Fäll ëmmer eng Täterbeschreiwung eraus, ausser wann net genuch Elementer do sinn déi zou enger Identifikatioun vun den Täter kann féieren oder awer et kontraproduktiv am Sënn vun der Enquête ass, sou eng Beschreiwung erauszeginn.

**Zu der Fro 3 :**

Am Joer 2018 waren 424 Kameraen an de Garen an op den Arrêten installéiert, dat heescht 80 % vun de Reesende passéieren op den Arrêten oder Garen ënner Video Iwwerwaachung. Am Generelle sinn d'Kameraen op deene meescht besichte Plazen, besonnesch vun deene Jonken, an och systematesch an der Ëmgéigend vun de Lifter an de Parkinge placéiert. Déi nei Arrêten oder Gare sinn vu vir era mat Kameraen ageriicht an een Asatzplang vun de Kameraen op den Arrêten oder Garen ass am Gaang ausgeschafft ze ginn. Kuerzfristeg wäerten all Garen an all Arrêten mat Kameraen ageriicht sinn.

Dat ganz Rullmaterial, mat Ausnam vun den Automotricen Z2 déi demnächst ersat gi mat neiem Material dat am November 2018 vun der CFL bei Alstom bestallt ginn ass, sinn ageriicht mat Iwwerwachungskameraen.

**Zu der Fro 4 :**

- D'Ausbaue vun der Video Iwwerwaachung an de Garen an op den Arrêten.
- D'Präsenz vun 35 SOS Sailen fir Hëllef ze ruffen op de Quaisen vu 14 Garen an Arrêten.

- D'Formatioun vum Personal am Kontakt mam Client an der Matière Konfliktmanagement. An deene leschte 5 Joer hunn 263 Agenten, dovun haaptsächlech d'Zuchbegleeder (108), Fahrdienstleiter oder Aufsichtsbeamten (108), eng Formatioun "Konflikter mat Clienten ausdroen" absolvéiert.
- D'Verstäerkung vun der Präsenz vum externe Sécherheetspersonal (DUSSMANN) an den Zich (ongeféier 10 % vun den Zich gi momentan begleet a punktuell verstäerkt).
- D'Verstäerkung vun der Präsenz vum externe Sécherheetspersonal an Zesummenaarbecht mam CFL Personal an de Garen Lëtzebuerg, Ettelbréck, Péiteng, Beetebuerg, Esch/Uelzecht, Miersch, Wasserbëlleg, Dummeldéng, Belval-Université a Rodange.
- D'Präsenz vun der Police oder Agenten vun der Douane (sporadesch).
- Nationale, souwéi internationale Benchmarking iwwer präventiv Moossnamen am ëffentlechen Transport.

**Zu der Fro 5 :**

D'Datebanke vun der Police erlaabt net eng detailléiert Recherche op sämtlech Incident'en zum Thema Gewalt am ëffentlechen Transport ze maachen. An dëse Fäll ass entweder eng Plainte agereecht, oder en Constat vun der Police gemaach ginn:

| | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 |
|---|---|---|---|---|---|
| Violence physique | 44 | 42 | 31 | 34 | 28 |
| Atteintes à la tranquillité publique | 5 | 6 | 6 | 5 | 5 |
| Grand-Total | **49** | **48** | **37** | **39** | **33** |

Wat d'Meldunge bei der Police oder deren Asatz betrëfft, sou waren et fir d'Infraktioune géint CFL Personal (Zuchbegleeder, Aufsichtsbeamten, Agenten am Guichet,...) am Joer 2017 110 Fäll, am Joer 2018 111 Fäll an an dësem éischter Trimester 24 Fäll. Op Grond vun enger Aggressioun géint een CFL Beamten waren am Joer 2017 68 Fäll, am Joer 2018 66 Fäll a fir dëst Joer 15 Fäll.

Wéint Aggressioun géint Drëtt-Persounen (z.B. Reesender), war op Ufro vun der CFL am Joer 2018 an 12 Fäll an am éischten Trimester 2019 an 3 Fäll d'Police am Asatz oder ass Meldung bei hinne gemaach ginn.

Bei verschidden Aggressiounsfäll déi vun der externer Sécherheetsfirma opgeholl goufen, war d'Police ebenfalls am Asatz.

Folgend Statistik weist déi ënnerschiddlech Virfäll am ëffentlechen Transport op:

| | AVL | | | CFL | | | Luxtram | | | RGTR | | | TICE | | | Totaux en nombre | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 2016 | 2017 | 2018 | 2016 | 2017 | 2018 | 2016 | 2017 | 2018 | 2016 | 2017 | 2018 | 2016 | 2017 | 2018 | 2016 | 2017 | 2018 |
| Agressions sur agents des transports publics | 37 | 32 | 31 | 160 | 224 | 194 | | | | 13 | 10 | 12 | 4 | 14 | 18 | **214** | **280** | 255 |
| Agressions sur tierces personnes | 1 | 1 | 2 | 45 | 56 | 36 | | | 2 | 1 | 4 | 2 | 1 | | 1 | **48** | **61** | **43** |
| Comportements inconvenants | 4 | 1 | 1 | 125 | 116 | 86 | | | 6 | | 2 | | | | | **130** | **119** | **93** |
| Délits | 2 | 1 | 1 | 150 | 180 | 112 | | | | 1 | 1 | | | 1 | | **152** | **183** | **113** |
| Vandalisme | | 1 | | 61 | 50 | 45 | | | | 1 | 1 | | 1 | | 1 | **63** | **52** | **46** |
| **Grand Total** | **44** | **36** | **35** | **541** | **626** | **473** | **0** | **0** | **8** | **16** | **18** | **14** | **6** | **15** | **20** | **607** | **695** | **550** |